

# WANDROUS

N°356 Wäimount / Allerhellegemount / Krëschtmount 2015

Oktöber / November / Dezember



Kënnt 5 mol pro Joër raus

Abonnement 25,00 Euro

CCPL: LU82 1111 0498 5493 0000

Chefredakter: Patrick Jénin (Fennec)

Verantwortlech vir Drock an Verschécken: LBB

E-Mail: [wandrous@lionsbleus.lu](mailto:wandrous@lionsbleus.lu)

Tel: 49 50 51



Lies d'Wandrous da bass du ëmmer up to date!!!

# Wandrous Publicitéit

# Wandrous Publicitéit



Waat brauchs Du vir Geld ze spueren?\*



Loscht op schick Sportkléder oder Sportmatériel!  
Eng gültig Memberskaart vun den LIONS BLEUS!






Den VIKING-ADVENTURES zu Tréier!



Paulinstrasse 25




D-54292 Trier



d'LIONS BLEUS  
kaafen beim  
**VIKING-ADVENTURES!**

\* op all Akaaf kris du 10% wanns du deng gültig Lions-Bleus Memberskaart weis!  
an zum Schluss vum Joér kritt den Groupe eng Ristrourne op dem Joresëmsatz!



[www.viking-adventures.de](http://www.viking-adventures.de)

# Les amis des Lions Bleus

## Les amis des Lions Bleus

Erënners och Du Dech un di Campen, déi sech herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Activitéiten wous Du Dech herno gefrot has, wéi daat méiglech wor, schwätz och Du nach allekéiers iwver deng Scoutszäit wanns de én vun dengen alen Scoutsfrënn erëmgesäis?

Bas och Du frou dat deng Kanner an den Scouten sin, an schmunzels Du net heiando wann Deng Kanner no enger Activitéit, drekkech an midd, mé mat blénkechen An verzielen waat se alles um Camp erliewt hun? Bas Du net heiando eng Grimmelmancholesch dass Du mat Denger Scoutszäit ofgeschloss hues, oder einfach aaner Weeér gaang bas?

Bedenk dat während Denger Scoutszäit Cheffen do worn di sech em Dech gekëmmert an gesuergt hun, an elo sin nach émmer Cheffen do, di sech ém Deng Kanner këmmeren an suergen. Datt d'Home énnerhal, gebotzt, vergreissert gin ass an nach émmer gebotzt an énnerhal gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sech der e puer dozou entschéd Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an weider un dém Scoutswé ze bauen dén virun 100 Joér vun Brownsea aus an di ganz Welt erausgebaut gin ass.

Wells och Du datt d'Scouten weider bestoën kënnen an datt weiderhin Kanner vun Jugendlechen ausgebild, an op hieren Liewenswé virberéd gin?



### Dann zéck nüt an gëff elo direkt Member vun den “AMIS DES LIONS BLEUS”

# ? VIRWAT ?

D'Amis des Lions Bleus bestinn zum Dél aus activen wi inactiven Memberen, mé och aus Elteren, Frënn a Bekannten, di all én gemeinsamt Ziel hun: d'Weiderbestoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann en Dél vun dénen Memberen weiderhinn am Hannergronn vir den Groupe actif sin, verhënneren së awer allegueren mat hieren Donën, dat di aktuel an di nächst Cheffengeneratiounen duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge ofgelenkt gin.

D'Amis des Lions Bleus sin Leit di nüt wëllen, nüt kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zäit mi hun vir sech actif bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkomplizéiert an extrem efficace Manéier hëlfelen: duerch en regelméisseggen Don.

D'Capital waat esou am Laaf vum Joér zesummen kënnnt gëtt vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn vir jidderén op, an gin wi all Joér op der Assemblée Générale veröffentlecht.

Dofir énnerstez och DU ons, wann ech gelift,  
mat engem “ordre permanent”\*  
vun 5,00 / 10,00 / 15,00 Euros\*\* pro Mount  
op onsen CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000  
mat der Mentioun “Les amis des Lions Bleus” + Numm oder Anonyme

\* Vir onsen Budget besser kënnen opzedélen zéien mir vir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréien, esou kënnen mir mat an op en “revenue” zielen, an domadder rechnen. No Ênnen an Uewen sin keng Limiten gesaat.

Natierlech fréén mir ons iwvert en émolegen oder regelméisseggen Don!

\*\* Mir sin der Ménong dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprétz vielleicht méi liicht ze verkraften ass.

Vun 15,00 Euros pro Mount un sin selbstverständlech d'Memberskaart an d'WANDROUS gratis!

Wéi s'Du an Zwëschenzäit konns feststellen sin eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach émmer mat Fréd dobái!

**Hinnen sief vun heiaus eng dekken MERCI gesoot!**

# Elterenversammlung

## Léif Elteren,

Daat nächst Scoutsjoër ass schon nees um laafen an ét gët nees Zäit fir eng Elteren-Versammlung. Dofir lueden mir lech Elteren vun den **Beaver / Wöllef / Scouten & Explorer** härzlech den **24. Oktober 2015** bei ons an d'Home an.

Mir géifen lech gären iwwert den Programm vum Scoutsjoër 2015-2016 informéieren. An ausserdem wärten mir och mat vill Freed op är Froën äntwerten an lerch och vun den Neiegkeeten erzielen, déi ét ab dësem Joër wärten ginn.

### Start:

Samsdes, den **24. Oktober 2015** um **16:15 Auer** an eisem **Home** no den Versammlungen.

### Schluss:

Daat hänkt vun ären Froën oof :)

### P.S. :

Fir Scouten, Explorer & Rover gët ét och dann nach déi aktuellsten News zum Summercamp.

## Chers parents,

Les vacances finies, les activités des Lions Bleus reprises, le temps est venu pour notre réunion obligatoire des parents. Dans ce contexte, chers parents de **Beaver / Wöllef / Scouten & Explorer**, nous vous invitons chaleureusement samedi le **24 octobre 2015** dans notre chalet de scout à Bonnevoie.

Nous désirons vous informer du programme et des nouveautés de l'année à venir et nous répondrons avec plaisir à toutes vos questions.

### Début?

Samedi, le **24 octobre 2015 à 16.15** au chalet des Lions Bleus, après les réunions.

### Fin?

La fin dépendra de vos questions :)

### P.S. :

Pour les Scouts, Explorers et Rovers il y aura des informations supplémentaires sur le camp d'été.

## Wichteg

- Mir wären frou wann ganz **ALL** Elteren vertrueden wieren, wëll sou kréien mir en gudden Feedback an hun d'Méiglechkeet eis ze verbesseren an ierch besser opzeklären.
- Ausserdem ass dëst de leschten Délai vir d'Fiches Médicales an d'Fiche d'Inventaire oofzegin (siehe Fiche d'Inventaire).


## Important

- Afin de recevoir un feedback et d'assurer une bonne communication entre chefs et parents, nous serions contents si **chaque** parent soit présent.
- Pensez à rendre vos fiches médicales et fiches d'inventaire à cette date parce que c'est le dernier délai.





Dësen Summer war jo bekanntlech de gréissten Scoutscamp vun der Welt deen ét gët. Den JAMBOREE an Japan, deen Camp deen fir Jiddereen e Begréff ass. Aller dèngs war awer do nüt Jiddereen mat. Dofir ass all Joér an der Mëtt vum Mount Oktober, op der ganzer Welt eng Aktioun wou e sëch, och wann een beineneen ass, kennentaléieren kann. An zwar ass daat en Camp iwwert den Internet&Funk. An eisem Zäitalter mat Facebook, Twitter&Co. kann een ganz einfach Lèit kennentaléieren ouni sie perséinlech ze gesinn. Mee wouhier wees du dann dass den Abdul vun Kabul oder den Kim vun Peking e Scout ass? Wanns du esou Lèit wëlls kennentaléieren, dann komm mat op den Jamboree On The Air/Jamboree On The Internet, kuerz Jota-Joti an léier Scouten vun der ganzer Welt kennen !



**Départ:** Samsdes, den 17. Oktober 2015 um 14.00 Auer um Parking vum Mamer Lycée an tip-toper Uniform.

**Retour:** Sonndes, den 18. Oktober 2015 um 15.30 zu Mamer bei der Primärschoul "Kinneksbond".

**Präiss:** 25 € sin ze iwwerweisen bis spéitstens den 15. Oktober 2015 op de Compte: Les Lions Bleus-Rover ([CCPL IBAN Lu22 1111 7017 2426 0000](#)) mat der Mentioun "JotaJoti+Numm vum Kand".

**Material:** Schloofsaack, Carrymatt, Täscheluucht, Gamelle, 2 Kichendicher, Bierschong, Wäschsaachen, Pijama, Täschemesser, dem Wieder ugepasste Kleeder, ...

**Souche:** ass bis den 10. Oktober 2015 oofzeginn bei dengen Cheffen.



Heimat erlaaben ech \_\_\_\_\_ mengem Scout/Explorer/Rover dem  
um Jota-Joti 2015 vum  
17-18/10/2015 deelzehuelen An iwwerweisen den Montant am Délai.  
Ënnerschrëft \_\_\_\_\_



# SORTIE fir d'Beaver

fir BV



## Mir ginn Schlittschong fueren!

Sou lues verstëpsen eis Schlittschong am Keller, dofir gët ét hèisch Zäit dass mir së mol erëm benotzen! Mell dëch schnell un fir dass mir och mat DIR e puer Pirouetten dréinen können.

### Wèini:

Samstes, den 21.November 2015 um 14:00 virun der Entrée vun der Schlittschongspist op der Kockelscheier (42 route de Bettembourg L-1899 Luxembourg)

### Retour:

17:00 virun der Entrée vun der Schlittschongspist.

### Präiss:

2€ op den Rendez-vous matzebrèngen + 2,5 Euro fir Locatioun vun Schlittschong

### Waat brauch een:

Passend Kleeder undoën !!! (Hännschen,Schaal...), eppes fir ze drénken an eppes klenges fir ze iessen !!!



### **BEAVERKLACK**

Grigri, Tic-Tac, Jolie, Foxy, Spitzky, Elsa



Heimat erlaaben ech

.....mengem

Beaver.....

den 21.11.15 un der Schlittschong-Sortie  
vun den LionsBleus deelzehuelen.

.....  
Ënnerschrëft



# SORTIE fir d'Wöllefcher

fir LX

**Hei zu Letzebuerg hun mir eng grouss Unzuel vun Flëss, wéi zum Beispill :  
D`Sauer, d`Mousel, d`Uelszech ... an all Mensch kennt se, mee wees du  
och waat fir Déieren do dran liewen ?**

**Wanns dët ét wëssen wëlls waat do sou alles ronderëm schwëmmt an  
waat ét nach alles esou am Waasser kann ginn, dann paack dèng  
Schwammsaachen an, an komm mat op eis Sortie !**



Wéini:

**21.11.2015**

Rendez-Vous: Samstes, den 21.11.15 um 09:00 op der Gare de Luxembourg  
Retour: Samstes, den 21.11.15 um 15:00 op der Gare de Luxembourg

Präiss: **5€**, op den Rendez-Vous matzebrengen

Souche: ass oofzeginn bis spéitstens den 17.10.2015 !!!

Waat brauchs du: Dèck Schong, dem Wieder ugepasste Kleeder fir  
dobaussen, dein Foulard, 5 Saachen vum Wöllefchen,  
Waasser (1l) fir ze drénken.



Dir braucht KEEN Pic-Nic !!!



© Can Stock Photo - csp20170454



**Heimat erlaaben ech ..... méngeom Kand**

**..... den 21.11.2015 op d`Sortie matzegoen.**




**Ënnerschrëft.....**

# Schaff-WE am Home

## fir jiddereen

!!! UN ALL  
EXPLORER, ROVER, CHEFFEN, COMITE,  
AMICALEN, CP'en & FRËNN !!!

D'Fënsteren si knaschteg, d'Hott fetteg, Mauren  
beschmiert, iwwerall Spawecken, Luuchten déi nüt méi  
fonctionnéiren, Plättercher déi lass sinn an ...



Domadder soll elo Schluss sinn. Dofir gesinn mer ons den Weekend vum 21.-22.November 2015 am Home vun den Lions Bleus. Den ganze Weekend kascht nix/nada=0 €, awer e Kuch oder Taart > daat soll awer nüt däin Schued sinn. Natiirlech gët nüt némmen geschafft. NeeNee !!! Mir wärten all déi Lèit belounen déi esou tatkräfteg gehollef hun de ganzen Daag! Waat gët gemaach? Daat ass eng Iwwerraschung. Mee dir soll gesoot gin, dass Näischt vun Näischt kënnt :):) Allerdéngs ass émmer eng Aarbëscht dobai déi dir perséinlech am beschten gefällt an déi's du och gudd kanns!  
Besser kanns du nüt ewech kommen! An waat mer zu mèi sinn, waat besser!  
Also mell déch séier mat der Souche un oder schreiw eng Mail!



### WICHTEG INFOS:

#### Rendez-Vous:

Den 21.November 15 um .....8 Auer MAT Kaffi  
.....9 Auer OUNI Kaffi

#### Schluss:

Den 22.November 15 um 16 Auer.

#### Wou?

Natiirlech am Home.

#### Waat brauchs du?

Schaffhännchen, nüt déi neisten Kleeder &  
natiirlech gudd Laun an vill Motivatioun...



### dèng SOUCHE:

Dës kanns du oofgin beim Atra oder engem Comitésmember  
oder du schécks eng Mail op [comite@lionsbleus.lu](mailto:comite@lionsbleus.lu)

Heimat mellen ech \_\_\_\_\_ möch un fir de Schaffweekend am Home fir den  
21.-22. November 2015 an kommen

- um 8 mat Kaffi
- um 9 ouni Kaffi  
(WEG ukraizen)

Ennerschreft: \_\_\_\_\_



# Souche Kleeschen

## fir de ganze Grupp

### HO - HO - HO

Si schon ganz ongedölleg fir op Bouneweg an den Dall bei mèng allerléifst blo Léiwen ze goën an mat hinnen méin Féierdag ze feieren. Dëst Joér gesinn mir eis allegueren den **4. Dezember 2015** am Home vun den Lions Bleus. Wéi émmer brèngen ech Iech dann waarmen Schocki an e rieseg knusperech Kuchenmännercher mat.



Also ech sin dann Freidesowes, den **4. Dezember**

**Punkt 18:00 Auer am Home** bei den Lions Bleus. Ech muss nach an mèngem groussen Buch checken op ech den Housécker brauch, well den brèngt dann dèi néideg Rutten mat. Wann d'Lions Bleus awer am Laaf vum Joér OK waren, da kann deen aalen Granzsaack awer doheem bleiwen. Och wann mer dëst Joér 1 Dag mèi frèi feieren, sou hun ech awer nach ganz vill Aarbécht um Bockel. Dofir bidden ech Dëch, dass du och wierklech pünktlech um **18:00 Auer am Home bass**, an dat an dènger tiptoper Wanteruniform.

Gehei dofir dèng **Souche** bis den **28. November** an mèng **Bréifkéch** (nét an d'Wandrouskéch, mee direkt doniewt) well soss verzweiflen mèng Engelcher erém, wann së bis den leschten Moment nét wëssen wèivill Thermoskaanen mat Schoki an wèivill Boxemännecher së mer sollen anpaaken.

Léiwen Kléschen, gudden Kléschen  
hei ass dem


(also mèng Souche) schon. Ech hun och ganz fläisseg  
dèng Liddercher geübt, an mèngen Elteren gesoot  
dat et wichteg wier den **4. Dezember 2015 an tip-topper  
Wanteruniform & um Punkt 18:00 Auer am Home**  
ze sinn, wëlls du en gestressten Kleeschen wiers.  
Si kommen mèch esou géint  
21:00 Auer nees beim Home ofhuelen.



Ennerschrëft vun den Elteren

## Harry Potter

Chrëschtdag steet virun der Dier,  
mee net némme mir stierflech Leit  
feieren dee verzauberten Dag:  
Och den Harry Potter an seng  
Zauberer Kollege freeën sech  
dat magescht Fest zesummen ze  
verbréngen. Mee de Problem  
ass, dass déi meescht vu senge  
Kollegen iwwer d'Vakanz Heem  
fueren. Dowéinst brauche mir dech fir dass du puer flott Deeg mat  
him zu Hogwarts verbréngs!



**Rendez-vous:** den 20.12 um 13:30h zu Hollerech  
op der Gare

**Retour:** den 22.12 um 14:00h

**Praiss:** 45Euro bis den 10.12.15 ze iwwerweisen op  
de Compte: Les Lions Bleus-Beaver: CCPL  
IBAN LU87 1111 2571 8942 0000 mat der Mentioun:  
Harry Potter 2015&Numm vum BV.



**Souche:** ass bis den 4.Dezember bei dèngen Cheffen oofzeginn.

**Waat brauchs du:** Schloofsak, Täscheluucht, Bidon, dem  
Wieder ugepasste Kleeder, Bierschong, Zännbiischt, Gamelle,  
Couverts, Ennerwesch, Pyjama, Kichendicher, Ersatzkleeder,  
Jumbo-Kaart oder en Kuerzstreckenbillet



Heimat erlaaben ech ..... mèngem  
Beaver ..... vum 20.-22.Dezember  
2015 um Krështcamp deelzehuelen.

.....  
Ënnerschrëft

# SOUCHE KrëschtCamp

Mir d'Wöllefcher(LX)

## Opgepasst, opgepasst...

Hei schwätzt den Kapitän vum Traumschëff Enterprise. Duerch een technëschen Problem goufen mir alleguer 500.000 Lichtjoér vun der Erd fort geschoss. Elo sinn mir hei gestrandet an enger aanerer Galaxie wou alles aaneschtes ass wèi bei eis.

Elo brauch ech är Höllef fir dass mir erëm Allegueren zerëck Heem können kommen!

Du muss beweisen op an dir och en richtegen Kapitän stécht an op's du all Aufgab dèi op dëch duer kënnt meeschteren kanns, fir erëm Heem ze kommen!

Komm mat op en Abenteuer daat's du esou nach nie erliewt hues, an enger friemer Welt. Zesummen mat den Fiiss an den Diables Rouges wärt dir Gefohren meeschteren müssen, nei Welten entdecken an déi béis Zorgons besiegen müssen.



Wéini:

**19. - 22.12.2015**

Rendez-Vous: Samstes, den 19.12.2015 um 14:00 beim Home St.Luc zu Bettembourg

Retour: Samstes, den 22.12.2015 um 14:00 beim Home St.Luc zu Bettembourg


Präiss: **45€**, bis den 14.11.2015 op de Compte

Les Lions Bleus Asbl - Meute


CCPL IBAN LU64 1111 2581 2205 0000 ze iwwerweisen mat der Mentioun: Krëschtcamp 2015 + Numm vum Kand

Souche: ass ebenfalls oofzeginn bis spéitstens den 14.11.2015 !!!

Waat brauchs du: Dèck Schong, dem Wieder ugepasste Kleeder, däin Foulard, 5 Saachen vum Wöllefchen, Bidon, Pyjama, Wäschsaachen, Schwammsaachen...



Heimat erlaaben ech ..... ménge



Kand ..... vum 19.-22.12.2015 um  
Krëschtcamp vun den Wöllef vun den Lions Bleus deelzehuelen.



Énnerschrëft.....

# **SOUCHE KrëschtCamp** fir d'Scouten(SG)

Hues du den kaalen Wanter saat an rem Loscht zereck an d'Vakanz ze goen? Rem zereck an deen sonnegen Süden? Portugal? Spuenien? Oder och daat schéint Italien? Ma dann hunn mier genau daat Richtegt fier dech, an zwar därfst du dech elo unmëllen fier en flotten Camp am Thema Süden wou den Summerfeeling remkënnt.

**Départ :** Samsdes, den 19.Dezember 2015, um 8:45 op der Gare de Luxembourg

**Retour :** Mëindes, den 21.Dezember 2015, um 15:45 op der Gare de Luxembourg

**Praïs:** 45€ sinn ze iwwerweisen bis spéitstens den 7.Dezember 2015 op den Compte: Les Lions Bleus-Troupe (CCPL IBAN LU10 1111 7017 3032 0000) mat der Mentioun "KC + Numm vum Scout."

## **Material :**

PIC-NIC, Schloofsaack, Gamelle, 2 Kichendicher, Bierschong, Wäschsaachen, Pijama, dem Wieder ugepasste Kleeder, Täschenmesser, Täschenluucht, Jumbokaart/2 Roud Ticket'en...


## **Souche:**

D'Souche ass bis den **4.Dezember 2015** oofzeginn bei engem vun dëngen Cheffen.



Heimat erlaaben ech \_\_\_\_\_ mèngem Scout dem

\_\_\_\_\_ um Chrëschtcamp vum 19.-21.12.15 matzegoen



Ënnerschrëft \_\_\_\_\_

# **SOUCHE KrëschtCamp**

fir Explorer(EX)



## **Krëschtcamp am Thema ,back to the traditions‘**



Salut Explorer, wanns du Loscht hues e flotten Camp ze erliewen, wèi mir daat frèier gemaach hun, an du keng Angscht virun neien Aventuren hues, dann mell dëch un a komm mat op eisen Krëschtcamp wou mir zesummen e richtegen Explorercamp zesummen wärten hun. Wèi z.B. do baussen schloofen, kachen, iwerliewen, a.s.w.



**Material:** alles waats de fir e Camp brauchs

**Wichteg sinn:** dècken Schloofsaack, Carrymatt, Gamelle, Becher  
an Kichendicher. Natirlech och ugepassten Kleeder...

**Wéini:** vum **19ten Dezember 15** bis den **21ten Dezember 15**

**Wou:** zu Lëtzebuerg

**Preis:** 40 Euro ze iwverweisen bis den **4ten Dezember** op folgenden Compte

**CCPL IBAN LU49 1111 2324 7361 0000**

(Les Lions Bleus a.s.b.l. - Explorer)

**Mentioun:** Ex Krëschtcamp 2015 + Numm vum Explorer  
Iwverweisung + Souche zielen als définitiv Umeldung !!!

**RV:** Den **19ten Dezember um 9 Auer** op der Gare Lëtzebuerg

**FIN:** Den **21ten Dezember um 18 Auer** op der Gare Lëtzebuerg

Heimat mellen ech \_\_\_\_\_


main Explorer \_\_\_\_\_ un, fir um Krëschcamp vum 19ten bis  
den 21ten Dezember 2015 deelzehuelen.

Datum an Ënnerschrëft: \_\_\_\_\_



# Souche Techuana 2016

## Techuana '16



### „Der Berg ruft“

#### **Jo ét ass erëm sou wäit, och dëst Scouts-Joër fueren MIR erëm an Techuana.**

Du frees dëch also elo schons nees ouni Elektrësch, Heizung an fléissend Waasser ze liewen, op Natur pur, e puer flott Deeg op der Skipist ze verbréngeng, dëch verwinnen ze loessen an der Piscine/Sauna, einfach Wanderen ze goën oder e Buch ze liesen bei der schnurrender Gazluucht an nët ze vergiessen onsen Remake vum sensationellen Erlebniswanderweg? Dann ass daat hei genee daat Richtegt fir dëch. Mell dëch sou schnell wéi méiglech un, well du wees jo: d'Plaatzen sinn limitéiert!!!!

**Wien kann mat goën:** jiddereen deen bis den 01.09.2015 --> 14 Joër kruut !

**Rendez-vous:** Freidesowes, den **5.Februar 2016 um 18.30** Auer am Home vun den Lions Bleus.

**Zerëck:** Sonndesmoies, den **14.Februar 2016 um 11.00** Auer am Home vun den Lions Bleus.

**Präiss:** Wéi déi letzt Joër'en splécken mir den Präiss op!

Daat heescht 350 Euros fir Transport, lessen, Sauna/Schwämm & déi Léit déi Ski fueren, mussen nach 175 Euros fir den Skipass bezuelen.

#### **Am Kloertext elo:**

Basic-Pack (Programm, Transport, lessen, Schwammen) --> bezuelen **350** Euros.

Basic-Pack & Skipass (mat eegenem Skimaterial) --> bezuelen **525** Euros.

(> Hues du keen eegent Skimaterial, kriss du an der Elterenversammlung weider News wèi's de daat solls maan...vue-que dat d'Lounen hvun Dësem hei zu Lëtzebuerg mèi gënsteg ass ewèi sur place an Eisterraich)

bis spéidstens den 16.01.2016 mat der Mention "Techuana 2016".

D'Geld ass ze iwwerweisen op den CCPL LU49 1111 2324 7361 0000 „Les Lions Bleus a.s.b.l.- Explorer“

**Täschegeild:** dëst Joër ginn och 50 Euros duer :)

**Material:** (waarmen)Schloofsaack, waarm Kleeder, Wanterjacket, Skibox, 2 puer Hännchen, eng Mutz, en Schaal, Turnschlappen, déck Schong, Schwammsachen (fir d'Sauna an d'Piscine), Wächsachen, Bidon, Tächenluucht, komplett Wanteruniform, e klengen Rucksack (dien an den Auto matgeet an wou deng perséinlech Saachen dran sinn, an fir an d'Schwämm, a.s.w...)

#### **Elterenversammlung:** Fir déi Leit déi mat ginn ass déi **Versammlung obligatorësch!!!**

Dës ass Mëttwochs den 10.Dezember 2015 um 19.15 Auer am Home vun den Lions Bleus. Hei gëss du gewuer wèi den Camp wärt ooflaafen an du kriss och däin perséinlechen Dossier wou Kopien vun dëngen Pabèieren dran kommen, mat der Fiche Médicale an der Apaacklësch.

D'Souche muss du schnellstens oofginn sinn, well soss bass du nët officiel ungemëllt!!!

SOUCHE - SOUCHE

Ech ..... erlaaben mèngem Scout, Explorer, Rover

mat um TECHUANA-Wantercamp 2016 (5-14.02.16) deelzehuelen.

D'Souche ass sou schnell wéi méiglech bei déngem

Chef oofzegin, **well d'Plaatzen sinn op 20 Lèit limitéiert !!!!!**

Datum&Ënnerschrëft . . . . .

SOUCHE - SOUCHE

# Programm Beaver

BV - Programm



## Oktober


03.	Montée	14.00 - 18.00
10.	Beaverversammlung	14.00 - 16.00
17.	Beaverversammlung	14.00 - 16.00
24.	Beaverversammlung	14.00 - 16.00
31.	Keng Versammlung	

## November

07.	Keng Versammlung	
14.	Beaverversammlung	14.00 - 16.00
21.	Schlittschongsortie	14.00 - 17.00
28.	Beaverversammlung	14.00 - 16.00

## Dezember

04.	Kleeschen	
12.	Beaverversammlung	14.00 - 16.00
20.-22.	Kréschtcamp	
26.	Keng Versammlung	



Beaverklack

Tic-Tac, GriGri, Foxy, Elsa, Joly, Spitzky

# Programm Wöllef

LX - Programm

## OKTOBER

03.-04.	MONTÉE	
10.	Versammlung	14:00-16:00
17.	Versammlung	14:00-16:00
24.	Versammlung	14:00-16:00
31.	keng Versammlung	



## NOVEMBER


07.	keng Versammlung	
14.	Versammlung	14:00-16:00
21.	LX-SORTIE (Formation Bagheera)	
28.	Versammlung	14:00-16:00

## DEZEMBER

04.	KLEESCHEN	
05.	keng Versammlung	
12.	Versammlung (Formation Raschka)	14:00-16:00
19.-22.	KRËSCHTCAMP (Formation Bagheera)	

## JANUAR

09.	Versammlung	14:00-16:00
16.	LX SchlittschongSortie	
23.	Versammlung	14:00-16:00
30.	Versammlung	14:00-16:00



## Lènks Patt

Fennec, Bagheera, Kaa, Raschka

# Programm Scouting SG - Programm

## OKTOBER

03.-04. Montée

10. Truppenversammlung 14:00-16:00

17.-18. Jota / Joti

24. Patrullenversammlung 14:00-16:00

31. Vakanz



## NOVEMBER

07. Vakanz

14. Truppenversammlung 14:00-16:00

21. Truppenversammlung 14:00-16:00

28. Patrullenversammlung 14:00-16:00

## DEZEMBER

04. Kleeschen

05. Keng Versammlung

12. Patrullenversammlung

14:00-16:00

19.-21. Truppencamp



## JANUAR

09. Truppenversammlung

14:00-16:00

16. Patrullenversammlung

14:00-16:00

23. Truppensortie

30.-31. FNEL Explor

# Programm Explorer

## EX-Programm

### Oktöber

03.-04.10.15	Montée	Souche	am Home LBB
10.10.15	Explorerversammlung	14-16 Auer	am Home LBB
16.10.15	Explorbrevetvers.	19-22 Auer	am QG FNEL
17.-18.10.15	Jota-Joti	Souche	am Home LBB
24.10.15	Uniteitsversammlung	14-16 Auer	am Home LBB

### November


03.-06.11.15	Explorbrevet	14-16 Auer	am Home LBB
14.11.15	Explorerversammlung	08-17 Auer	am Home LBB
21.-22.11.15	Schaffweekend	14-16 Auer	am Home LBB
28.11.15	Uniteitsversammlung		
28.-29.11.15	Roverweekend		

### Dezember

04.12.15	Kleeschen	18-21 Auer	am Home LBB
12.12.15	Uniteitsversammlung	14-16 Auer	am Home LBB
19.-21.12.15	Kréschtcamp	Souche	

### Januar

10.01.16	FNEL ExplorerSportsDaag	14-16 Auer	am Home LBB
16.01.16	Explorerversammlung	14-16 Auer	am Home LBB
23.01.16	Uniteitsversammlung	14-16 Auer	am Home LBB
30.01.16	Explorerversammlung	14-16 Auer	am Home LBB



Fir d'Unitéit: Tameng/Grizzly/Laurent/2ric/1ric

# Programm Rover

## RO-Programm

03.-04.10.2015	Gruppen-Montée	Home LBB (Souche)
21.-22.11.2015	LBB SchaffWeekend	Home LBB (Souche)
28.-29.11.2015	Rover-Weekend	?Surprise?
04.12.2015	LBB Kleeschen	Home LBB (Souche)
17.12.2015	FNEL Rover B.A.	Détail > <a href="http://www.fnel.lu">www.fnel.lu</a> > Rover

# Cheffen 2015-2016 Cheffen 2015-2016

## D'Cheffen vun de Lions Bleus Joergang 2015-2016 stellen sech vir

### Léif Elteren,

Dëst sin déi Jugendlech (an manner Jugendlech) dénen Dir Är Kanner roueg kënnt uvertrauen. All d'Branchen-Cheffen hun déi Formation gemaach di vun der FNEL verlaagt gët vir kënnen Chef an dénen verschidden Branchen ze sinn. En groussen Dél vun den reschtlechen Responsabelen sin am gaang hier Formation ze maachen. Si genéissen daat voll Vertrauen vum Comité. Zéckt net fir di verschidden Léit ze kontaktéieren wann Dir Froën hudd oder zousätzlech Informationen braucht. Et wier fäin wann dier lech virdrun géift umelden.



## Cheffen

### Chef de Groupe:

Numm: Schmitt Lex (Atra)	GSM: 661 365 188	E-Mail: lex.schmitt90@gmail.com	Gebuer: 19/09/1990	Formation: CT
-----------------------------	---------------------	------------------------------------	-----------------------	------------------

### Assistants Chefs de Groupe:

Numm: Lampach Christophe (Kodiak) Majerus Patrick (Grizzly) Fischer Manon (Tamia)	GSM: 691 505 057 691 790 239 621 503 232	E-Mail: kodiak@vo.lu grizzly@lionsbleus.lu tamia@lionsbleus.lu	Gebuer: 17/11/1980 17/08/1968 20/08/1981	Formation: RUE RUE CT
--	---	---	---	--------------------------------

### Konto

Les Lions Bleus a.s.b.l.  
CCPL: LU82 1111 0498 5493 0000

Allgemeng E-mail:  
[cheffen@lionsbleus.lu](mailto:cheffen@lionsbleus.lu)

# Cheffen 2015-2016 Cheffen 2015-2016



Vu lenks no riets: Uewen: Jolly, Foxy, Spitzki, Tic-Tac  
Ennen: Elsa, Grigri

## Beaver

### Konto:

Les Lions Bleus a.s.b.l. - Beaver  
CCPL: LU87 1111 2571 8942 0000

Allgemeng Email:  
[beaver@lionsbleus.lu](mailto:beaver@lionsbleus.lu)

### Chef de colonie:

Numm:	GSM:	E-Mail:	Gebuer:	Formation:
Lorang Mika (Tic-Tac)	621 684 622	<a href="mailto:mika.lorang@hotmail.com">mika.lorang@hotmail.com</a>	22/15/1997	ACC

### Assistants chefs de colonie:

Numm:	GSM:	E-Mail:	Gebuer:	Formation:
Lang Maiti (Foxi)	621 699 401	<a href="mailto:maiti_lang@hotmail.com">maiti_lang@hotmail.com</a>	03/06/1994	CC
Heinen Nora (Jolly)	691 790 692	<a href="mailto:heino_044@hotmail.com">heino_044@hotmail.com</a>	23/04/1993	CC
Schmitt Lena (Elsa)	691 790 692	<a href="mailto:lena.schmitt93@hotmail.com">lena.schmitt93@hotmail.com</a>	06/07/1993	CC
Dragovic Drago (Grigri)	691 631 822	<a href="mailto:drago.97@outlook.com">drago.97@outlook.com</a>	07/11/1997	ACC
Englebert Lara (Spitzki)	621 281 608	<a href="mailto:lara.nglebert@gmail.com">lara.nglebert@gmail.com</a>	26/06/1998	ACCNB

## Meute

### Konto:

Les Lions Bleus a.s.b.l. - Meute  
CCPL: LU64 1111 2581 2205 0000

Allgemeng Email:  
[Meute@lionsbleus.lu](mailto:Meute@lionsbleus.lu)



Vu lenks no riets: Kaa, Ikki, Rashka, Bagheera. Et feelt: Putmini, Hati, Fennec, Shere-Khan

### Chef de Meute

Numm:	GSM:	E-Mail:	Gebuer:	Formation:
Patrick Jénin (Fennec)	621 262 026	<a href="mailto:fennec.lbb@gmail.com">fennec.lbb@gmail.com</a>	21/02/1966	CM

### Assistants chefs de colonie:

Numm:	GSM:	E-Mail:	Gebuer:	Formation:
Breeze Van Eck (Putmini)	691 969 754	<a href="mailto:breeze-1994@hotmail.com">breeze-1994@hotmail.com</a>	14/10/1994	CM
Sophie Reiners (Hati)	691 365 911	<a href="mailto:sophie.r.93@hotmail.com">sophie.r.93@hotmail.com</a>	11/12/1993	CM
Claude Muller (Ikki)	691 554 000	<a href="mailto:claude251193@hotmail.de">claude251193@hotmail.de</a>	25/11/1993	CM
Atten Michel (Shere-Khan)	621 572 777	<a href="mailto:michelattent@gmail.com">michelattent@gmail.com</a>	03/10/1993	ACMN
Adrien Flamman (Bagheera)	621 231 190	<a href="mailto:dridri@pt.lu">dridri@pt.lu</a>	05/01/1997	ACM
Catherine Heinen (Kaa)	621 691 993	<a href="mailto:heinensendelcath@gmail.com">heinensendelcath@gmail.com</a>	07/03/1997	ACM
Simonis Sarah (Rashka)	661 352 010	<a href="mailto:sarah@simonis.lu">sarah@simonis.lu</a>	18/05/1999	ACMN

# Cheffen 2015-2016 Cheffen 2015-2016



## Troupe

### Konto:

Les Lions Bleus a.s.b.l. - Troupe  
CCPL: LU64 1111 7017 3032 0000

Allgemeng Email:  
[Troupe@lionsbleus.lu](mailto:Troupe@lionsbleus.lu)

Vu lenks no riets: Soa, Sam, Tamia. Et feelt: Nicolas, Christophe

### Chef de Troupe:

Numm:	GSM:	E-Mail:	Gebuer:	Formation:
Anne-Sophie Faber(Soa)	661 231 285	<a href="mailto:faber_annesophie@yahoo.fr">faber_annesophie@yahoo.fr</a>	23/12/1985	RUE

### Assistants Chefs de Troupe:

Numm:	GSM:	E-Mail:	Gebuer:	Formation:
Manon Fischer (Tamia)	691 503 232	<a href="mailto:tamia@lionsbleus.lu">tamia@lionsbleus.lu</a>	20/03/1981	CT
Nicolas Atten	621 572 888	<a href="mailto:nicolas.atten@epfl.ch">nicolas.atten@epfl.ch</a>	24/10/1993	ACT
Christophe Reiners	621 369 511	<a href="mailto:christophe.reiners@hotmail.com">christophe.reiners@hotmail.com</a>	23/11/1992	CT
Sam Schmitt	621 371 462	<a href="mailto:schmit98@hotmail.com">schmit98@hotmail.com</a>	08/02/1998	ACT

## Explorer

### Konto:

Les Lions Bleus a.s.b.l. - Explorer  
CCPL: Lu49 1111 2324 7361 0000

Allgemeng Email:  
[explorer@lionsbleus.lu](mailto:explorer@lionsbleus.lu)



Vu lenks no riets: Laurent Cremer, Tameng, Eric M. Et feelt: Grizzly, Eric H.

### Responsable Unité Explorer:

Numm:	GSM:	E-Mail:	Gebuer:	Formation:
Fischer Joël	691 793 933	<a href="mailto:tameng@lionsbleus.lu">tameng@lionsbleus.lu</a>	18/08/1993	RUE

### Assistants Responsables Unité Explorer:


Numm:	GSM:	E-Mail:	Gebuer:	Formation:
Laurent Cremer	661 935 160	<a href="mailto:cremer02@hotmail.com">cremer02@hotmail.com</a>	02/11/1985	RUE
Eric Holzem	621 691 059	<a href="mailto:e1992h@hotmail.com">e1992h@hotmail.com</a>	10/03/1992	RUE
Eric Macé	661 857 037	<a href="mailto:eric.mace@hotmail.com">eric.mace@hotmail.com</a>	08/09/1997	ARUE
Patrick Majerus	691 790 239	<a href="mailto:grizzly@lionsbleus.lu">grizzly@lionsbleus.lu</a>	17/08/1968	RUE

# Tip-Top Uniform

Tip-Top Uniform

Op deenen meeschten Aktivitéiten ewéi Pow-Wow, Sorties, Camps oder Weekend'er, doen mir eis **Uniform** un. Vir dass du wees, ewéi eng **TIP-TOP UNIFORM** ausgesait, hu mir elo hei eng kleng Erklärung gin. Esou ass e Beispill vun der **Uniform**, déisdu an Zukunft solls op Aktivitéiten undoen, wann se gefuerdert ass.

Hues du nach **Froen**? Dann kanns du gären **dain Chef** froen, dass hien dir alles erklärt waats du nach wëssen wëlls.



Am **LBB-Shop** an eisem **Home** kriss du och **déi richteg Wanteruniform (Pulover & T-Shirt)**

Hei kriss du alles waat mat den **Lions Bleus** ze din huet, awer och Kniet fir un den Foulard, Scoutsbichelechen ewéi och den Vademecum.

Fir däin **Uniformshiem** ze kaafen, muss du an **d'FNEL op den Cents** fueren. Do kriss du och däin richtegen **Rimm** an all d'**Badger** déi sollen op dènger **Uniform** sinn.


Dës Saachen déi hei opgelëscht sinn an der Zeechnung sinn **Pflischt** bei der **Uniform** an gehéieren zum **Beaver/Wöllefchen/Scout/Explorer/Rover** wéi de Kapp um Hals, vum Foulard bis bei de Rimm.

# RAPPORT JamboreeJAPAN

Sarah & Charel

Fréi moies den 28.Juli um 2:30 sinn mer um P&R Boullion an den Bus an Richtung Parais gekommen. No ongefeier 4 Stonnen Fahrt sinn mer dunn um Flughafen Roissy Charles De Gaulle ukomm an waren fir èischt emol begeeschtert vun der Grësst vun deem Flughaafen. Leider war den Buschauffeur awer nüt sou dofun begeeschtert well en eng Zaitchen gebraucht huet bis en deen richtegen Agang fonnt haat. Den Check-in huet zwar wéinst deenen villem Lèit é bësschen gedauert, mee mir sinn awer gudd duerch komm. Obwuel ech eng kèier sou een komëschen Ziedel verluer haat deen mer dunn zwar guer nüt gebraucht hun. Wéi mer dunn endlech am Fliiger waren, hun mer mol nach e puer Stonnen geschloof an eng Reih Filmer gekuckt, bis mer no ongefèier 12 Stonnen zu Tokyo um Haneda International Airport gelandt sinn. Vun do aus sinn mer dann mam Shinkansen an Yamaguchi gefuer an vun do aus mat engem Bus bis op den Site vum Jamboree. Deen Daag waren mer dun nach op d' Opening Ceremony an sinn dono sou schnell wèi mèiglech schoofen gaangen. Um nächsten Daag ass dun direkt dèi èischt Aktivitéit gestart. Bei der mer an d'Natur gaangen sinn an d'Landschaft vum Süden vun Japan gesinn hun. Déi restlech 9 Deeg sinn dunn ähnlech oofgelaaf, just dat mer halt aaner Aktivitéiten haaten. Wèi zum Beispill waren mer eng kèier eng rieseg Höhl besichen oder mir waren an dèi kleng Bucht um Site schwammen an hun Wasserspiller gemaach. An een Daag waren mer sougur den Hiroshima Peace Memorial Parc an Musee besichen, waat och wierklech extrem interessant an impressionant war. Dunn haaten mer och nach ongefèier an der Haltschecht vum Camp d'Guest Ceremony, déi mènger Meenung no dèi Bescht war. Do war nähmlech eng Airshow vum Japanëschen Red Bull Air Race Pilot déi wieklech impressionant war an e puer Rieden vun Japaneschen Ministeren zum Jamboree. Den Schloofrythmus um Jamboree war ganz speziell, owes war èmmer dèi flottsten an angenehmsten Zäit vum Daag, wou gudd Stëmmung war an jiddereen ronderëm gaang ass fir Lèit kennzelèiren. Jiddereen deen laanscht gaang ass huet moiens gesoot an puer Wuert mat eneen geschwaat sou dass mer immens interessant Lèit an Scouten begëint hunn. Mir hunn zeguer d'Sami aus Éisteraich konnten rémgesinn waat mer um Techuana 2012 jo all kennengelèirt haaten.

Zum Schluss vum Camp war dann d'Closing Ceremony, op der och schon den nächsten Jamboree an West Virginia ungekënnnescht gouf. No der Closing Ceremony war den Camp dun offiziell färdeg mee mir sinn nach eng weider Nuecht bliwwen an sinn dunn moies um vèier Auer mat engem Bus bis op d'Gare bruecht ginn wou dunn d'Norees lass gaangen ass. **Charel**



# RAPPORT JamboreeJAPAN

Sarah & Charel

Norees

No dësen 10 Deeg Jamboree sinn dann nach iwwer 100 Lëtzebuergeser zesummen op eng Norees gaang fir Japan richteg kennenzeléieren. Während dem Jamboree haat een nähmlech nüt ganz vill vum Land konnten gesinn. Eis éischt Destinatioun war déi aal an bekannt Tempel-Stadt Kyoto. Kaum waren mer ukomm ass ét och schon lass gaang mat Visiten vun berühmten Tempelen an schéinen japanëschen Gärt. Eisen éischten Owend hunn mer an engem groussen schéinen Hotel, mat wonnerschéiner Vue op Bëscher, d'Mier an Kyoto verbruecht fir eis vun enger Woch Zelt & Hëtzt ze erhuelen. Den nächsten Moien ass ét mam Bus weider gaang op Kanazawa wou mer an enger Jugendherberge gewunnt hunn. Zu Kanazawa sinn mer deen eelsten japanëschen Gaart kucken gaangen mat sèngem Schlass nierwen drun, mee mir kruuten och d'Stadt selwer vun japaneschen Studenten gewisen. No dësen Erliewnisser ass ét dunn och endlech op Tokyo gaang. Do hunn mer op engem Camping zimlech am Zentrum vun Tokyo geschloof. Vun do aus haaten mer owes eng schéin Vue iwwert d'Mier op d'Skyline vun der Staat. Tokyo war définitiv den Highliht vun der Norees. Mir sinn an traditionell Restauranten iessen gaang, hun sou eppes wéi een Sumokampf gesinn, wéi och an eng klassesch Karaoke-Bar waat ganz witzeg war. Een owend sinn mer op een héigen Tuerm geklommen fir eng genial Vue iwert d'Staat ze hunn. An een aneren Daag waren mer op der lëtzebuergëscher Ambassade invitierert wou mer e gudden Thüringer mat Gromperenzalot konnten genéissen! Mir sinn souguer téschend deenen enormee Mënschenmassen zu Shibuya iwwert déi grouss an bekannten Kraizung getréppelt déi jiddereen mat Tokyo verbënnt. Tokyo war ee super Ofschloss vun der ganzer Rees, mee mir waren awer och all rëm frau fir an de Fliiger fir zrëck an Europa. **Sarah**



# PHOTOS JamboreeJAPAN

Sarah&Charel



# RAPPORT Tansania RO

Nicolas P.



Dësen Summer, während deems dèi meesch Lions Bleus um HaPy um groussen Gruppencamp an den Pyrenäen waren, wor ech mat enger Ekipp vun der FNEL an Tanzania. Am Ganzen waren mer zu 16 Rover aus 8 verschidden Gruppen fir bei engem Projet ze hellefen an Kollaboratioun mat Illula Orphan Program (IOP). IOP ass e Weesenhaus, daat mat der Hellef vun Dons een Weesenhaus opgestallt huet an Sponsorprogrammen proposéiert fir lokalen Kanner eng Edukatioun ze bezuelen. Eis Haaptmissioun do ënnen wor ét, fir an den Schoulen Taafelen ze rénovèieren. D'Initiative fir dësen Projet ze réalisèieren wor komm vum Jill

Kohl vun den Panthères Noires, waat lescht Joér e puer Méint do verbruecht haat, fir e Volontariat ze maachen. Him wor opgefall dass ganz vill Taafelen onliesbar waren an huet décideert déi Situation wëllen ze änneren! Sou ass ét no laangen Méint Planning zu engem onvergiesslechen Camp ginn. Mir hun an eisen Zelter geschloof, duerften awer am Weesenhaus mam Staff mat zesummen lessen an d'Sanitairen gebrauchen. Daat wor ganz agréabel, huet eis vill Zäit gespuert nüt sëlwer mussen um Feier ze kachen, sou dass mer méi Zäit fir dèi jeweileg Projet'en haaten. Dobai hun mer sou och den Staff an d'Volontairen besser kennengeléiert. Waat d'Arbéscht ugeet haaten mer eisen Haaptprojet mat den Taafelen. Dèi hun missten komplett oofgeschlaff ginn, dann hun mer d'Lächer mat Gips geféllt an mat frëschem Taafellack ugestrach. Doniewt hun mir awer och normal Volontariat am Weesenhaus gemaach. Daat wor vun: séch ém d'Kanner këmmeren, um Chantier schéppen, bis an der Kichen hellefen spullen sinn. Obwuel mir eis all am Ufank nüt richteg kannt hun, wor ét vun Ufank un eng genial Atmosphère an ét wor eng Scouts Expérienz wèi een së gewinnt ass! Just dass ét an Afrika wor, deem wonnerschèinen Kontinent deen mir Europäer sou schlecht kennen. An daat wor een vun den Haapt-Challengen deen mir am Alldaach gemeeschtert hun: D'Kommunikatioun an Zesummenarbëscht mat den Lokalen. Wéi sie selwer soën TIA: 'This Is Africa'. Alles geet ob ongefèier, alles kënnt ze spéit an ét ass nie wirklech een Problem. Mat vill Gedold, staarkem Teamspirit, an fläissegem Schaffen wor daat awer alles keen Probleem. Schlussendlech ass eist Material 10 Deeg ze spéit ukomm, eist Gepäck ass um Aller&Retour um Istanbul'er Flughafen leien bliwwen, mee den Bilan ass dass mer an 6 Schoulen am Ganzen ém déi 50 Taafelen komplett rénoveiert hun. 50 Taafelen ass een dèckt Stéck, wann een bedenkt dass d'Klassen bis zu 60 Schüler hun >>> daat ass soumat d'Schoulstonnen fir e puer Dausend Kanner mèi einfach & agréabel gemaach! No der ganzer Aarbëscht hun mir awer och vum ,Faït' profitéiert dass mir an Afrika waren. Sou hun mir iwwer 2 Deeg een Camp mat lokalen Scouten gehaat,

hun eng Rei Visiten gemaach. Hun een Daach bei enger lokaler Famill verbruecht, fir ze liewen wèi een Tanzanianer. An zum gudden Schluss hun mer eis 2 Deeg Safari gegönnt als Belounung. Schlussendlech wor ét eng onvergiesslech Erfahrung fir eis, ét wor een Ableck an eng friem Welt. Interesse, Matleed, Inkompréhensioun an Respekt waren alldéeglich Emotiounen. Mëttlerweil sinn mir elo Allegueren zeréck an eisem Alldaach an Routine ukomm, mee dèi 3 Wochen hun mat Sécherheet en Impakt op



# RAPPORT Tansania RO

Nicolas P.

op eis gehaat. Mir sinn eis bewosst dass ét némmen eng kleng Aktioun wor, mee mir sin stolz op waat mer erreecht hun an den Lèit donidden an Afrika konnten weiderhëllefen... Daat Alles wier awer schlussendléch nét méiglech gewierscht ouni alleguer Dons'en an d'Materialënnerstétzungen. Insgesamt 82 Këschten voll Kleeder an dausenden vun Bläistëfter hun mer ausserdem och nach verdeelt. Dan hei och nach een groussen MERCI un allegueren dèi Léit dèi séch iergendwèi un dësem Projet bedeeght hun. Ét huet séch gelount an ét wor een groussen succès.

Fir dèi Léit dèi séch daat ganzt bildläch wëllen besser kënnen fiirstellen, ass een klengen Video gemaach ginn. Op Youtube fann der deen énner > 'Tanzania Rover FNEL 2015'.

Nicolas Piron (LB) & Louis Kerschen



## MONTEE CityDropping vun den SG



HUELEN ZAND



CFL BRÉCK



PALAIS



PIRATENSCHÉFF



MC DONALD



Hotel ROYAL

# Rapport Gruppeversammlung      Rapport GV

Dëst Joërl haate mir eis Gruppeversammlung den 19. September 2015 bei eis am Home. Traditionell geet déi éischt Versammlung dann och bis 17 Auer. Dëst Joërl stoung d'Gruppeversammlung am Thema Traditiounen an Ritualer, esouwéi och Scoutstechniken an an alles em waat et am Scoutismus geet. Op engem riisen Gånsespill huet Jiddereen missen all méiglech Kenntnisser enner Beweis stellen. Niewt typeschen Froen beim Gånsespill goufen et dann awer och nach Posten, ewéi zum Beispill déi aal Tropheeskombinatioun mam Sandsiften oder mat Feier e Loftballon platzen an Challenges, ewéi Ping-Pong-Bäll an engem Glas schätzen. Um 14 Auer ass et dunn mat engem groussen Undrang neien begeescherten Scouting lassgaangen an nodeems mir déi gewinnte Fotosession haaten, ass et dann och mam grousse Gånsespill lassgaangen. No ongefér 2 Stonnen Spill an Spaass hun sech dann och déi éischt Elteren gewisen an no der Chaîne des Adieux hun se hier Kanner erem an Empfang geholl.

Text by Atra, Photos by Georges Schmitt



# Dem LEO LEIF seng Sait

Léo Léif

Moien Blo Léiwen!

Ech wenschen ierch alleguerten e gudde Start  
an daat neit Scoutsjoér! Dës köier bringen ech  
ierch flott Hierschtsaachen mat!

Malen nach Zahlen:



Ganz einfach fir nozemaan! Einfach e puer  
Kaeschten sammelen a Fixfeier kaafen!


## WITZECK - HAHAHAHAHAHAHA

Was sagt das Blatt zur Eichel? Kumpel setz' mal  
deinen Helm ab!

Kommt ein Häschen im Herbst zum Gärtner: "Haddu  
lose Blaetter?" Antwortet der Gaertner: "Massenhaft."  
Darauf das Haeschen: "Muddu Buch binden lassen"

Sitzen zwei Zahnstocher auf einer Wiese. Entspannt  
genießen sie den schönen, sonnigen Tag. Plötzlich  
watschelt ein Igel an ihnen vorbei. Sagt einer der  
Zahnstocher: "Ach interessant, ich wusste ja gar nicht,  
dass hier Busse lang fahren."

M O O L E N



# Shop Lions Bleus

LBB-Shop

Séchert Ierch elo den

## Starter-Pack\_Lions Bleus

### De Präiss schléit an !!!

Alles waats du brauchs vir e gudden Lions Bleus ze sinn ass hei dran! An daat ganzt an enger spezieller Offer elo némmen an dem LBB-Shop vum Vertrauen.



LBB-Pullover



Eenzelprais

25 €



LBB-T-Shirt



Eenzelprais

12 €



LBB-100-Becher



Eenzelprais

16 €



LBB-Kaap




Eenzelprais

12 €

**TOTAL**

~~65 €~~



#### Aaner Produkt'en am LBB-Shop:

LBB-Mutz	12 €
Foulard	5 €
Knuet	3 €
Vademecum (Wöllef)	10 €
Scoutsbichelchen	10 €
De Jaizert	10 €
LBB-Badge	4 €
<b>an nach VILLES vun 100 Joér LBB</b> (T-shirten/Débardeur/Badge...)	

> WÉINI ass den BUTTIK op ??? > vun 15:45-16:15 > **24/10/15, 28/11/15, 19/12/15...**

# Lions Bleus NEWS

## Lions Bleus News



# WOSM & fnel NEWS

## WOSM&fnel News



FNEL SCOUTS-SHOP  
**Nouv.Adresse:**  
61A, rue de Trèves  
L-2630 Cents  
Tel: 26 48 04 50

JOURS d'Ouvertures:  
**17:00 - 19:00**  
Den ScoutsShop ass **ëmmer**  
**Donneschdes** op, ausser  
während den Schoulvakanzan!!!

### ALLGEMENG Datumer:

03/10/2015 LX FormatiousSortie  
06/10/2015 FC Jonker stärken  
16/10/2015 Explorer-Brevêt  
17-18/10/2015 Jota-Joti  
02-05/11/2015 BV FormatiousCamp  
03-06/11/2015 Explorer-Brevêt

05-08/11/2015 SG FormatiousCamp  
05-08/11/2015 EX FormatiousCamp  
07-08/11/2015 LeaderShip FormatiousWeekend  
14-15/11/2015 Tronc Commun N°1  
17/11/2015 Soirée CG  
17/12/2015 Rover B.A. (Stëmm vun der Strooss)

# **et schéngt**

**et schéngt**

- 01)wèi wann den Tameng&Tahr als gudd Lions Bleus op der Porte ouverte vun den IE gehollef hun.
- 02)wèi wann daat Laangt aus der Beetebuerger Strooss och elo géif an d'Ausland studéieren goën.
- 03)wèi wann LBB dësen Summer op 3 verschidden Auslandscamp'en vertrueden gewierscht worn.
- 04)dat um Pow-Wow dècken Chaos gewierscht wor, wèint engem verluerenen Autos-Schlüssel.
- 05)wèi wann d'Lions Bleus den ganzen Summer iwwer eng Piscine op hierem Terrain gehaat hätten.
- 06)dat Cheffen um CheffeWeek no de ganzen Préparationen eng Ronn ,Wer bin ich' gespillt hätten.
- 07)wèi wann e gewëssenen Chef seng chronësch HondsAngscht elo endlech iwwerwonnen huet.
- 08)wèi wann anscheinend een blonden jonken Chef enger mèi aaler Cheftâine ähnelen géif.
- 09)wèi wann d'FNEL elo définitiv d'Trophée oofgesaat hätt an duerch den Pow-WowCUP ersaat hätt.
- 10)dat eist AsiaLèiwefest genee sou e groussen Succès haat wèi eisen BayréschenOwend letzt Joër.
- 11)dat 29 LionsBleus dëse Summer 3 phänomenal Wochen zesummen um G-Camp verbruecht hun.
- 12)wèi wann am Home e grousst Fest gewierscht wor,wou 1Elch&1Eidechs hier Pacs-Feier haaten.
- 13)wèi wann dës Joër leider kee ViizWeek&keng ViizStuff wier,well ét nüt immens ass mat den Äppel.
- 14)dat SG-Ekipp vun der FNEL dës Joër op Ufro de CP-SP Weekend nees operliewen gelooss huet.
- 15)wèi wann LionsBleus während hierem grousse Summercamp 2x pro Woch ,on Air' worn um RTL.
- 16)wèi wann fir Nationalfeierdaag um Faakelzuch&LBB Grillstand nüt daat Beschten Wieder wor.
- 17)wèi wann de Scoutissëm nees um gudde Wee wier,an d'Kanner immensen Interesse drun weisen.
- 18)dat am Summer 2016 e flotten InterGruppenSummerCamp am Ausland an Aussicht steet fir Scouten, Explorer & Rover.

# **et schéngt nüt némmer**

**et schéngt nüt némmer**

- 01)wèi wann den aalen wäissen Wollëf hinnen awer gewisen huet wèi daat geet mam Oofseelen.
- 02)wèi wann mir him gratuléieren géifen an him bon Courage an ,Kölle Alaaf' wënschen géifen!
- 03)dat soumat och vun deenen 3Kontinenter vill schéin Souveniren mat zerëck op Lëtz komm wieren.
- 04)dat den Peppo hinnen d'Liewe gerett huet an den Schlüssel an der naasser Wiss erëm fonnt hätt.
- 05)wèi wann d'Dieren vun der gudd temperèierten offentlécher Piscine awer ab elo zou wieren.
- 06)wèi wann e puer Cheffen hei zimlech schlecht gewierscht wieren an dësem Spill 999
- 07)wèi wann hien an den Baloo (elo endlech ouni Triichter:) säit deems onzertrennléch wieren.
- 08)dat dës Cheftâine letztens vun engem liicht verwirrten Chef mat ,TicTac' ungeschwaat ginn wier.
- 09)dat blo Lèiwen aus dem Polvermillendall sëch ganz gudd geschloën hun an 2.Plaatz beluecht hun.
- 10)dat mir fir d'Léit all saat ze kréien, eng Onmass un Nuddelen mat verschidd.Rezepturen duerch d'Paan hun missen wedelen.
- 11)dat dëi Meesch am Ufank ALL an Corse wollt,mee ganz schnell faszinierter wor vun de Pyrenäen.
- 12)wèi wann mir hinnen némmer daat Bescht wënschen, an op den nächsten Schrëtt waarden :)
- 13)dat mer dofir no enger klenger Paus nees um Jota-Joti deelhuefen an daat mat den MW,DD,RF.
- 14)wèi wann daat hèisch Zäit gouf, an d'Responsable Patrouille schon richteg doriwwer géifen freen.
- 15)dat Sie hei verzielt hun waat së erliewt hun&wouhin Rees dann an de nächsten Deeg weidergeet.
- 16)dat daat den haarde Kär nüt gestëiert huet&Sie trotzdem mat dobai worn an laanscht komm sinn.
- 17)dat LionsBleus bei der Rentrée dës Scoutsjoër förmlech iwwerrannt ginn sinn fir d'Aschreiwungen.
- 18)wèi wann sëch demnächst d'Gruppen zesummen setzen fir eppes flottes op d'Been ze setzen.

# **les amis des Lions Bleus**

**amis LBB**

MM Majerus Evelyne, Melle Meyer Arlette, MM Majerus Tina, MM Kyu Thull, MM Fay-Bisdorf, MM Kremer-Braun, M.Sinner Robert, Famille Beiler, MM Majerus Patrick, Anonyme, MM Schaack-Hirsch Albert, Famille Reiners, MM Federmeyer Berthe, M.Grün Joé, MM Heinen G. + Sendel Denise, M.Rohmer Kevin, MM Jung Thomas...

# 3 Mèintprogramm

# 3 Mèintprogramm

**oktober'15**

Do	1	
Fr	2	
Sa	3	Gruppen-MONTÉE
Sa	4	Gruppen-MONTÉE
Me	5	
Dë	6	
Më	7	Permanence
Do	8	
Fr	9	
Sa	10	Beaver / Wöllef / Troupe / Explorer
Sa	11	
Me	12	
Dë	13	
Më	14	Cogra
Do	15	
Fr	16	
Sa	17	Beaver / Wöllef JOTA-JOTI fir SG/EX/RO
So	18	JOTA-JOTI fir SG/EX/RO
Me	19	
Dë	20	
Më	21	Permanence
Do	22	Comité
Fr	23	
Sa	24	Beaver / Wöllef / Patrull / Unitéit
So	25	
Me	26	
Dë	27	
Më	28	Permanence
Do	29	
Fr	30	
Sa	31	

**november'15**

Sa	1	
Me	2	
Dë	3	
Më	4	
Do	5	
Fr	6	
Sa	7	
So	8	
Me	9	
Dë	10	
Më	11	Permanence
Do	12	
Fr	13	
Sa	14	Beaver / Wöllef / Troupe / Explorer
So	15	
Me	16	
Dë	17	
Më	18	Cogra
Do	19	Comité
Fr	20	Wandrouseinsendeschluss
Sa	21	Troupe / BV Sortie / LX Sortie LBB SchaffWeekend ab EX
So	22	LBB SchaffWeekend ab EX
Me	23	
Dë	24	
Më	25	Permanence
Do	26	
Fr	27	Wandrousredaktionsschluss
Sa	28	Beaver / Wöllef / Patrull / Unitéit LBB RoverWeekend
So	29	LBB RoverWeekend
Me	30	

**dezember'15**

Dë	1	
Më	2	Permanence
Do	3	
Fr	4	KLEESCHEN
Sa	5	keng Versammlung
So	6	
Me	7	
Dë	8	
Më	9	Cogra
Do	10	
Fr	11	
Sa	12	Beaver / Wöllef / Patrull / Unitéit
So	13	
Me	14	
Dë	15	
Më	16	Permanence
Do	17	Comité
Fr	18	
Sa	19	LX / SG / EX Kréschtcamp
So	20	BV / LX / SG / EX Kréschtcamp
Me	21	BV / LX / SG / EX Kréschtcamp
Dë	22	BV / LX Kréschtcamp
Më	23	
Do	24	
Fr	25	
Sa	26	
So	27	
Me	28	
Dë	29	
Më	30	
Do	31	

# Allerläscht Wandrous - Säit

[www.lionsbleus.lu](http://www.lionsbleus.lu)



fnel  
scouts & guides



E schéine Bonjour vum  
Oktoberfest vu München. Ech konnt  
mer net verknéifen  
de Foulard unzedoen \* !!!

\* THAT'S ALL FOLKS